https://www.100komma7.lu/article/aktualiteit/eng-harmonesch-sozialgestaltung-vun-de-paie-garanteieren

# "Eng harmonesch Sozialgestaltung vun de Paie garantéieren"

12. Feb 2019 - 11:27

**De Postsyndikat stellt keng Kandidaten op fir d'Wahle fir d'Salariatskammer. Et hätt een net d'Leit, déi sech dofir géifen interesséieren, seet de President vum Postsyndikat Gilbert Goergen. Et wéilt ee léiwer am Betrib an der Delegatioun matschaffen.**

*Mick Entringer / cbi*



*De Claude Strasser, Generaldirekter bei der Post, an de Gilbert Goergen, President vum Postsyndikat am Face-à-face.*

De Postsyndikat, deen un d'Staatsbeamtegewerkschaft gegliddert ass, huet aktuell fënnef vu 15 Vertrieder an der Personaldelegatioun. Den OGBL an de LCGB hunn och all Kéier fënnef Vertrieder. Bei de Sozialwahle wëllt de Postsyndikat eng absolut Majoritéit erreechen, fir kënnen den nächste Kollektivvertrag mat ze ënnerschreiwen. Ob dat juristesch méiglech ass, ass net kloer.

De Postgeneraldirekter Claude Strasser seet dozou: "Et ass just esou, datt wa mir eng Tripartite vis-a-vis sëtzen hätten, déi awer net onbedéngt dozou féiert, datt de Prozess méi einfach gëtt oder méi schnell virukënnt. Munchmol gesi mir, huet ee méi d'Gefill, d'Diskussiounen oder Point de divergence, ënner den dräi Gewerkschaften, wéi mir der heiansdo selwer ausmaachen."

## Ënnerschiddlech Statute vum Post-Personal

Bei der Post ginn et ënnerschiddlech Statue vum Personal. Fir de Gilbert Goergen, President vum Postsyndikat, ass dat eng Erausfuerderung: "Wann een déi eng Säit Fonctionnairen an Employé publicen huet, an déi aner Säit huet ee Leit aus dem Salariat, da muss een awer kucken ee Spagat ze maachen tëschent deenen zwee Statuten, an déi Leit mussen och kënne mateneeschaffen."

Dës verschidde Statute géifen Tensioune provozéieren, déi net gutt fir de Betrib wieren, seet de Gilbert Goergen:

> *"An déi Jalousien, déi dann um Terrain sinn, bréngen dem Betrib mengen ech net all ze vill. Ech kucken och, wéi vill d'Ofgäng sinn, Leit, déi bei eis schaffe kommen, déi awer no enger Rei vu Méint dann awer mol fort ginn - wat awer och an der Privatindustrie esou ass, datt d'Leit dohinner kommen, a wa si dann eng besser fannen, gi si fort. Mee u sech hate mir dee Fall ni. Mir hunn eis Leit gutt forméiert a konnte laang vun hinne soi-disant profitéieren. Mee d'Leit haten och Loscht drop, bei der Post ze schaffen."*

## Revendicatioune fir de Kollektivvertrag

Fir de Postsyndikat ass et am Wichtegsten, datt am neie Kollektivvertrag d'Paien an alle Strukturen erëm op een Niveau kéinte kommen, datt d'Leit de Betrib net erëm no dräi bis véier Méint verloosse géifen, erkläert de Gilbert Goergen. Et wéilt een eng "harmonesch Sozialgestaltung vun de Paie" kënne garantéieren.

De Claude Strasser äntwert dorop:

> *"Vläicht awer ee Wuert zu deene ville Leit, déi eis géife verloossen. Also mir hunn en Taux de rotation bei der Post, deen ass extrem niddreg, do géifen déi meeschten Entreprisen am Land sech d'Fangeren dono lecken. An déi Departen, déi mir hunn, dat ass effektiv richteg, där ginn et der eng Rëtsch vläicht méi, wéi an der Vergaangenheet, dat huet awer méi mengen ech mat engem generelle gesellschaftleche Phenomen ze dinn, datt et hautdesdaags méi schwéier ass, eenzel Leit fir bestëmmten Aarbechten ze motivéieren. An do wou mir schnell Ofgäng hunn, ass ganz oft well den Job, zum Beispill dee vum Bréifdréier, wéi zum Beispill dee vun de Leit, déi dobaussen um Chantier schaffen, munchmol e penibelen an haarden Job ass. A mir gesinn, datt d'Leit sech net ëmmer däers bewosst sinn, wa si eng Aarbecht unhuelen."*

Beim Etablissement public Post schaffen eng 3.500 Leit: zur Hallschent Staatsbeamten a Salariéen. Déi ënnerschiddlech Statuten ze geréiere wier net ëmmer einfach, sot de Postgeneraldirekter Claude Strasser. Mëttlerweil hätt ee sech awer dorunner gewinnt, an et géif wéineg Problemer am Alldag ginn. De Gilbert Goergen vum Postsyndikat schwätzt sengersäits vun Näid a Barrièren tëschent de Leit.

Lauschteren

fgec
FEDERATION GENERALE
DES EXPEDITIONNAIRES ET
CHARGES TECHNIQUES DE L'ETAT
Boîte Postale 1448 *Asbl - affiliée à la CGFP*
1014 Luxembourg
www.fgec.lu